N°3833
Entrée le 24.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Aussenhandel weiderzeleeden.**

D'Software Pegasus vum israeelesche Betrib NSO Group steet zanter Joren an der Kritik, well se weltwäit systematesch agesat gouf, fir Journalisten, Mënscherechtler a Politiker auszespionéieren. Och am Togo goufen, laut Recherchë vu Reporter ouni Grenzen an Amnesty International, iwwer 300 Telefonsnummere vun der Zivilgesellschaft an Oppositioun als potenziell Ziler identifizéiert. Berichter aus dem Joer 2021 an 2024 bestätegen, datt d'Apparater vu féierende Journalisten am Togo tatsächlech mat dëser Spyware infizéiert goufen.

Den NSO Group huet an der Vergaangenheet verschidde Filialen zu Lëtzebuerg geféiert (ënner anerem OSY Technologies). Och wann d'Regierung an der Vergaangenheet erkläert huet, datt dës Firmen hei am Land keng Exportlizenze fir d'Software ugefrot oder kritt hätten, bleift d'Fro no de genauen Aktivitéiten a finanzielle Stréim vun dëse lëtzebuergeschen Entitéite bestoen. Et muss séchergestallt ginn, datt keng lëtzebuergesch Infrastruktur oder Firme-Strukture genotzt goufen, fir den Handel mat esou Technologien a Länner mat enger kritescher Mënscherechtslag wéi den Togo ze erliichteren.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung ausschléissen, datt de Verkaf oder d'Lizenzéierung vun der Pegasus-Software un den Togo iwwer eng lëtzebuergesch Filial vum NSO Group oder eng verbonne Gesellschaft ofgewéckelt gouf?

2. Goufen zanter 2021 zousätzlech Kontrolle vun der "Office du contrôle des exportations, importations et transits" (OCEIT) bei de lëtzebuergeschen Entitéite vum NSO Group duerchgefouert, fir méiglech Ëmgoe vun Exportreegele fir Dual-Use-Gidder ze préiwen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Sinn der Regierung Erkenntnisser doriwwer bekannt, ob Finanzstréim am Zesummenhang mat de Kontrakter am Togo iwwer Lëtzebuerger Bankkonten oder Finanzstrukture gelaf sinn?
4. Wéi vill Filialen oder Duechtergesellschafte vum NSO Group sinn aktuell nach am lëtzebuergeschen Handelsregister (LBR) ageschriwwen a wéi gëtt hir Aktivitéit iwwerwaacht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten